ZA3937

Eurobarometer 60.0

Country Specific Questionnaire
Luxembourg (Luxembourgish)

INTERVIEW N°.....

ERKLÄRUNG VUM ENQUETEUR

Ech erklären dass dëse Protokoll richteg an éierlech d'Interviewgespréich eremgët dat ech selwer geféiert hun mat enger Persoun, déi mir virdrun nët perséinlech bekannt war. D'Gespréich an d'Selektioun vun der P.I. sin alle Regelen no gemat gin, an de Protokoll ass während dem Gepréich ausgefëllt gin.

DAUER/GESPREICH ..... DATUM ..... NUMM+ENNERSCHREFT ENQUETEUR .....

Q1.	Wat as är Nationalitéit ? Sot mir dat oder déi Länner déi fir Iech zoutreffen. **PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES**	1 – Belgique 2 – Danemark 3 – Allemagne 4 – Grèce 5 – Espagne 6 – France 7 – Irlande 8 – Italie 9 – Luxembourg 10 – Pays-Bas 11 – Portugal 12 – Royaume-Uni (Grande-Bretagne, Irlande du Nord) 13 – Autriche 14 – Suède 15 – Finlande 16 – Autres pays → **FIN DE L'INTERVIEW** 17 – NSP → **FIN DE L'INTERVIEW**

Mir fänken un iwer Méiglechkeeten ze schwätzen sëch am Gudden ze eenegen bei Konflikter déi Dir mat engem Vendeur oder engem Déngschleeschtungsubbider zu Lëtzebuerg kéint kréien

Q2.	Ass et schons virkomm dass Dir Iech bei engem Verkeefer, Distributeur oder engem Déngschtleeschtungsubidder hut beschwéieren missen? **MONTRER CARTE – LIRE – UNE SEULE REPONSE**	1 – Jo, oft 2 – Jo, heiansdo 3 – Jo, selen 4 – Nee, nie 5 – NSP
Q3.	Wann Dir Iech iwer e Produit oder e Service beschwéiert hut /ze beschwéieren hätt, hut Dir dat gemach/géift Dir dat machen andeems Dir Iech un de Verkeefer den Distributeur/de Prestataire de Service (Déngschtleeschtungsubidder) adresséiert ... ? **MONTRER CARTE – LIRE –** **PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES**	1 – Andeems Dir hien selwer begéint 2 – Iwer Telefon 3 – Duerch normalen Courrier/Fax 4 – Iwer e-mail 5 – Op eng aner Art a Weis **SPONTAN** 6 – Dat hängt vum Produit/Service of **SPONTAN** 7 – NSP

SI «PAR LA POSTE / PAR FAX», CODE 3 OU 4 EN Q.3., LES AUTRES ALLER EN Q.5.

Q4.	Wann Dir Iech schrëftlech beschwéiert, ... ? **MONTRER CARTE – LIRE – PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES** 1 – schreiwt Dir de Bréif selwer 2 – frot Dir Hëllef bei engem Frënd oder Familjenmember 3 – frot Dir Hëllef bei enger Konsumentenschutzorganisatioun 4 – frot Dir Hëllef bei engem Avekot 5 – frot Dir Hëllef bei engem aneren **SPONTAN** 6 – NSP

A TOUS

Q5.	Hut Dir schons eppes vun den Organismen héieren déi sëch ëm Streidegkeeten am Konsommatiounsberéich këmmeren, nët d'Geriichter, mee d'Mediateuren, d'Ombudsleit, d'Schlichtungs- oder Schiedskommissiounen?	1 – Jo 2 – Nee 3 – NSP

SI «OUI», CODE 1 EN Q.5., LES AUTRES ALLER EN Q.8.

Q6.	Wann Dir Iech iwert e Produit oder e Service beschwéieren misst, wär Dir dann bereed Ären Problem engem solchen Organisem virzeléen? Wat fir eng vun de folgenden Méiglechkeeten trëfft op Iech zou ? **MONTRER CARTE – LIRE – UNE SEULE REPONSE**	1 – Nee 2 – Jo, ënner der Konditioun dass een d'Entscheedung refuséieren kann 3 – Jo, an all de Fäll 4 – NSP

SI «OUI», CODE 1 EN Q.5., LES AUTRES ALLER EN Q.8.

Q7.	Rifft dësen Schieds-, Mediatiouns-, oder Schlichtungsorganisem Bedenken bei Iech erfir? **WA JO**: Wat fir eng? **MONTRER CARTE – LIRE – PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES** 1 – Nee, guer keng Angscht 2 – Jo, dass sie nët kompetent sin 3 – Jo, dass sie nët onparteiesch sin 4 – Jo, et wees en nët wéi sie fonktionnéieren 5 – Jo, dass ech meng Meenung nët zum Ausdrock brengen kann 6 – Jo, dass d'Entscheedung nët vum Verkeefer/Distributeur/Déngschtleeschtungsubiddder respektéiert gëtt 7 – Jo, dass d'Organisatiounen d'Gesetz nët respektéieren 8 – Jo, dass ech mäin Recht virun de Richter ze goen verléieren 9 – Jo, de Präis vun der Prozedur 10 – NSP

A TOUS

Q8.	Am Laaf vun de leschte 5 Joer, beim Akaaf vun engem Produit oder Service, hat Dir do Problemer deen Dir nët am Gudden geregelt kritt hut, dat heescht mam Verkeefer/Distributeur/Déngschtleeschtungsubidder ? 1 – Jo, konnt nët à am Gudden geregelt gin 2 – Nee, konnt am Gudden geregelt gin 3 – Nee, hat nach nie irgend een Problem 3 – NSP

SI «OUI», CODE 1 EN Q.8., LES AUTRES ALLER EN Q.11.

Q9.	Ëm wéi eng Art vun Produkter oder Servicer huet et sech gehandelt ? Ëm...? **MONTRER CARTE – LIRE – PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES** 1 – Liewensmëttel 2 – en Auto (Kaaf, Reparatioun, Lokatioun) 3 – eng Versecherung 4 – Finanz- a Bankenproduit'en oder servicer (Krediter, etc.) 5 – Haushaltsgeräter 6 – Televisioun/Video/Stereosanlag 7 – Computer 8 – Telekommunikatiounsservicer (fixen Telefon, GSM, Internetkonnexion) 9 – Kleeder 10 – Immobilien (Lokatioun, Kaaf, Renovatioun, Konstruktioun) 11 – Fräizäit (Pauschalrees, Timesharing, etc.) 12 – Servicer déi vun Avekoten, Architekten, Doktoren asw. offréiert gin 13 – Post oder Coursier' Servicer 14 – Transport (Flieger, Zuch, etc.) 15 – Servicer vu Waasser, Gas oder Elektresch 16 – Aner Produiten/Servicer **SPONTAN** 17 – NSP

SI «OUI», CODE 1 EN Q.8., LES AUTRES ALLER EN Q.11.

Q10.	Wat hut Dir gemach wou Dir keng Léisung à l'amiable fond hut mam Verkeefer/Distributeur/Prestataire de Service ? **MONTRER CARTE – LIRE – PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES** 1 – Ech hun näischt gemach 2 – Ech hun mech un en Avekot adresséiert deen de Richter mat der Affair befast huet 3 – Ech hun selwer de Richter befast 4 – Ech hun mech un e Schieds-, Mediatiouns-, Schlichtungsorgan gewandt 5 – Ech hun Rot bei enger Konsumentenorganisatioun /enger Konsumentenschutzorganisatioun gefrot an ech hun mech un de Richter gewandt 6 – Ech hun Rot bei enger Konsumentenorganisatioun /enger Konsumentenschutzorganisatioun gefrot an ech hun mech un e Schieds-, Mediatiouns-, Schlichtungsorgan gewandt 7 – Ech hun Rot bei engem Avekot/enger Konsumentenorganisatioun gefrot mee ech sin nët virun d'Gericht gangen 8 – Aner **SPONTAN** 9 – NSP

A TOUS

Q11.	Wann Dir e Problem hätt mat engem Produkt oder Service deen Dir zu Lëtzebuerg kaaft hätt, vun wéi enger Zomm un géift Dir op d'Gericht goen ? **MONTRER CARTE – LIRE – UNE SEULE REPONSE** 1 – Manner ewéi 100 euros → **ALLER EN Q.13** 2 – 100 euros → **ALLER EN Q. 12 a.** 3 – 200 euros → **ALLER EN Q. 12 a.** 4 – 500 euros → **ALLER EN Q. 12 a.** 5 – 1000 euros → **ALLER EN Q. 12 a.** 6 – ech géif nie virun Geriicht goen egal wéi héich de Monant ass **SPONTAN** → **ALLER EN Q. 12 b.** 7 – NSP → **ALLER EN Q. 13.**

SI CODE 2 à 5 EN Q.11., LES AUTRES ALLER EN Q.12b.

Q12.	Firwat géift Dir, fir eng manner héig Zomm, nët op d'Gericht goen ? **MONTRER CARTE – LIRE - PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES** 1 - … Et gët ze deier am Verglach zum Wert vum Produit oder Service 2 - … D'Prozedur as zevill lang 3 - … D'Prozedur as zevill komplizéiert 4 - … Ech wéisst nët un wien/wou ech mech sollt wenden 5 - … Et géif näischt brengen/ech géif nët wannen 6 - … Aus anere Grënn **SPONTAN** 7 - … NSP

SI CODE 6 EN Q.11., LES AUTRES ALLER EN Q.13.

Q12.	b) Firwat géif Dir nët virun Geriicht goen? **MONTRER CARTE – LIRE –** **PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES**	1 – et ass ze deier am Verglach zum Produit oder Service 2 – d'Prozedur ass ze laang 3 – d'Prozedur ass ze komplizéiert 4 – ech wéisst nët u ween/wou ech mech misst wenden 5 – dat bréngt näischt / ech géif nët gewannen 6 – aus aneren Grënn **SPONTAN** 7 – Wees nët

A TOUS

Q13.	Hut Dir eng Versecherung déi fir eng Justizaktioun fir e Litige am Konsumberäich géif opkommen (Rechtsschutz) ? 1 – Jo 2 – Nee 3 – NSP

Q14.	Wierd Dir éischter bereet fir Är Rechter virun Gericht ze verteidegen wann Dir Iech aneren Konsumenten kéinnt uschléissen déi sech iwer dat selwecht wéi Dir ze bekloen hätten ? **SI OUI** bestëmmt oder wahrscheinlech? **SI NON** wahrscheinlech nët oder bestëmmt nët ? 1 – Jo, bestëmmt 2 – Jo, wahrscheinlech 3 – Nee, wahrscheinlech nët 4 – Nee, bestëmmt nët 5 – NSP
Q15.	Wéi eng vun folgenden Elementer géifen Iech am meeschten uregen fir Är Rechter virun de Gerichter ze verteidegen mat aneren Konsumenten ? **MONTRER CARTE – LIRE – UNE SEULE REPONSE** 1 – Mäin Deel un de Justizkäschten ze bezuelen nëmme wann d'Gericht mir Recht gët 2 – Nët duerch d'Entscheedung vum Gericht gebonnen ze sin, och wann ech gefrot hun fir un der Aktioun deelzehuelen 3 – Vun enger positiver Entscheedung vum Gericht ze profitéieren, och wann ech nët gefrot hun fir un der Aktioun deelzehuelen 4 – Perséinlech an individuell informéiert gin iwer d'Entwecklung vun der Aktioun 5 – Ech géif nët mat aneren Konsumenten op d'Gericht goen **SPONTAN** 6 – NSP
Q16.	Wiem géift Dir am meeschten vertrauen fir méi Konsumenten virun Gericht ze verteidegen ? **MONTRER CARTE – LIRE – UNE SEULE REPONSE** 1 – Iech selwer 2 – Engem anere Konsument den all déi représentéiert déi sech iwer dat selwescht beschwéieren 3 – Enger Konsumenteschutzassoziatoun 4 – Engem (e puer) Avekot(en) 5 – Engem öffentlechen Service 6 – Aner **SPONTAN** 7 – Kengem **SPONTAN** 8 – NSP
Q17.	Wann een op d'Gericht géif goen am Numm vun e puer Konsumenten déi sech iwer dat selwecht beschwéieren, wat hätt Dir dann am léiwsten ? **MONTRER CARTE – LIRE – UNE SEULE REPONSE** 1 – Dass d'Aktioun öffentlech annoncéiert gët an Dir Iech vun Ufank un kéinnt uschléissen 2 – Dass d'Aktioun öffentlech annoncéiert gët an Dir Iech méi spéit kéinnt uschléissen, egal wéini 3 – Automatesch als een vun den Konsumenten ugesin gin déi vun der Aktioun représentéiert gin, ausser Dir erklärt dass Dir dat nët wellt 4 – Ech géif léiwer eleng verteidegt gin/mech verteidegen **SPONTAN** 5 – NSP

A TOUS

Q18.	Wéi wäit vertraut Dir de Gerichter fir d'Litigen vun Konsumenten effikass ze regelen ? Gifft Dir soen dass Dir hinnen… ? **MONTRER CARTE – LIRE – UNE SEULE REPONSE** 1 - … ganz vertraut 2 - … éischter vertraut 3 - … éischter nët vertraut 4 - … guer nët vertraut 5 - … NSP

Q19.	Ärer Meenung no, wéi kéinnt déi aktuell Justiz/d'Arbecht vun de Gerichter verbessert gin ? Duerch... **MONTRER CARTE – LIRE – PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES** 1 - ... Méi onofhängeg Richteren 2 - ... Méi séier Urteeler 3 - ... Méi einfach Prozeduren 4 - ... Méi transparent Käschten 5 - ... Manner héich Käschten 6 - ... Eng Zereckbezuelung vun all de Käschten wann ech wannen 7 - ... Méi eng grouss Justizhëllef 8 - ... Eng besser Informatioun iwer d'Rechter vun jiderengem 9 - Aner Sachen **SPONTAN** 10 - NSP
Q20.	Ärer Meenung no, wien kinnt am bäschten Är Rechter als Konsument schützen ? **MONTRER CARTE – LIRE – UNE SEULE REPONSE** 1 – E Gericht/d'Justiz 2 – En Schieds-, Mediatouns-, Schlichtungsorgan 3 – En Organ dat sech gläichméisseg zesummensetzt aus Konsumenten a Verkeefer/Distributeure/Prestataire de Service 4 – En Organ dat agesat gët vun Assoziatiounen vu Verkeefer/Distributeuren/Prestataire de Service 5 – En Organ dat agesat gët vun Konsumenteschutzassoziatiounen 6 – En öffentlech lëtzebuergescht Organ dat mam Konsumentenschutz beoptragt as 7 – En europäescht Organ dat mam Konsumentenschutz beoptragt as 8 – Aner **SPONTAN** 9 – NSP
Q21.	Wann Dir e Problem hätt a Bezuch op e Produit oder e Service deen Dir am Ausland kaaft hut zum Beispill während enger Rees, iwert e Verkaaf per Korrespondenz, iwert Teleshopping oder um Internet a wann Dir nët zu enger frëndschaftlecher Léisung fannt, vu wéiengem Montant un gesid Dir Iech veruloosst virun Geriicht ze goen? **MONTRER CARTE – LIRE – UNE SEULE REPONSE** 1 – Manner wéi 100 euros 2 – 100 euros 3 – 200 euros 4 – 500 euros 5 – 1000 euros 6 – ech géif nie op d'Gericht goen, egal wéi héich de Montant **SPONTAN** 7 – ech géif nie e Produit oder e Service am Ausland kafen **SPONTAN** 8 – NSP
Q22.	Haat Dir schons Grënn fir Iech iwer e Produit oder e Service ze beschwéieren deen Dir Iech am Ausland ugeschaaft hut zum Beispill während enger Rees, iwert e Verkaaf per Korrespondez, iwert Teleshopping, um Internet asw. ? 1 – Jo 2 – Nee 3 – Ech hun nie eppes am Ausland kaaf **SPONTAN** 4 – NSP

SI «OUI» CODE 1 EN Q.22., LES AUTRES ALLER EN Q.25

Q23.	Wann Dir Grond hat fir Iech iwer e Produit oder e Service ze beschwéieren den Dir am Ausland kaft hut, hut Dir do ëppes ennerholl? **WA JO** Un wien hut Dir Iech gewandt ? ... ? **MONTRER CARTE – LIRE – PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES** 1 – Nee, ech hun näischt ënnerholl 2 – Jo, un den Verkeefer/Distributeur/Prestataire de Service andeem ech hien perséinech getraff hun 3 – Jo, un den Verkeefer /Distributeur/Prestataire de Service iwer Telephon 4 – Jo, un den Verkeefer /Distributeur/Prestataire de Service schréftlech 5 – Jo, un den Verkeefer /Distributeur/Prestataire de Service iwer e-mail 6 – Jo, un eng Konsumenteschutzassociatioun am Akaafsland 7 – Jo, un eng lëtzebuergesch Konsumenteschutzorganisatioun 8 – Jo, un en Avekot 9 – Jo, un e Schieds-, Mediatiouns-, Schlichtungsorganisme am Akaafsland 10 – Jo, un e lëtzebuerger Schieds-, Mediatiouns-, Schlichtungsorganisme 11 – Jo, un d'Justiz am Akaafsland 12 – Jo, un d'lëtzebuerger Justiz 13 – Jo, un en aneren **SPONTAN** 14 – NSP

SI «OUI» CODE 2 à 13 EN Q.23., LES AUTRES ALLER EN Q.25

Q24.	War Dir ganz zefridden, éischter zefridden, éischter nët zefridden oder guer nët zefridden mam Resultat ? 1 – Ganz zefridden 2 – Eischter zefridden 3 – Eischter nët zefridden 4 – Guer nët zefridden 5 – NSP

A TOUS

Q25.	Ärer Meenung no, wien kéinnt am bäschten d'Litigen iwer Produkter an Servicer déi am Ausland kaaft gin sin, regelen ? **MONTRER CARTE – LIRE – UNE SEULE REPONSE** 1 – D'Gerichter am Akaafsland 2 – Speziell Gerichter fir esou Litigen 3 – Schieds-, Mediatiouns-, Schlichtungsorganismen am Akaafsland 4 – Schieds-, Mediatiouns-, Schlichtungsorganismen déi spezialiséiert sin fir esou Rechtsstréiten 5 – Öffentlech Organismen déi am Akaafsland chargéiert sin mam Konsumenteschutz 6 – En öffentlecht europäescht Organ fir de Schutz vun de Konsumenten 7 – Aner Organer **SPONTAN** 8 – NSP

An all Land gëtt et Schlichtungs-, Mediatiouns- a Schiedsorganismen. Dat aussergeriichtlecht europäescht Netzwierk dat vun der europäescher Kommissioun an d'Liewen geruff gouf, erlaabt et dem Konsument deen e Produit oder Service am Ausland kaaf huet, dës Organismen a sénger Mammesprooch ze kontaktéieren.

Q26.	a) Wann Dir en Produkt am Ausland kaaft hätt a wann et zu engem Rechtsstréit kéim, wär Dir dann bereed op esou e Reseau zeréckzegréifen fir .... ? b) A wär Dir bereed op esou e Reseau zeréckzegréifen fir ... ?			
	LIRE	JO	NEE	NSP
	a) Informatiounen iwer dës Schlichtungsorganismen ze kréien	1	2	3
	b) Eng Plainte anzereechen an de Suivi ze assuréieren	1	2	3

Q27. D'Europäesch Kommissioun huet eng Internetsäit www.eejnet.org, kréeiert, déi et an all Sprooch vun der Europäescher Unioun gët, fir de Konsument iwert deen aussergeriichtlechen europäeschen Reseau ze informéieren. **MONTRER CARTE**
a) Hut Dir schons dovunner héieren?

SI «OUI», CODE 1 EN Q.27a, LES AUTRES ALLER EN Q.28

b) Hut Dir dësen Internetsite schons besicht?

	LIRE	OUI	NON	NSP
a)	hu schon dovunner héieren	1	2	3
b)	hun dësen Site schons besicht	1	2	3

A TOUS

Q28. Wann d'Konsumenten aus egal wéi engem Land vun der Europäescher Unioun e selwechten Formulaire benotzen kéinnten fir sech iwer e Produkt oder e Service ze beschwéieren, wier dat... ?
MONTRER CARTE – LIRE – UNE SEULE REPONSE

1 – Ganz nëtzlech
2 – Éischter nëtzlech
3 – Éischter nët nëtzlech
4 – Guer nët nëtzlech
5 – NSP

Q29. D'Europäesch Kommissioun huet e eenzechen Formulaire geschaaf deen ët an all Sproch vun der Europäescher Unioun gët, fir den Konsumenten ze hëllefen déi wëlles hun sech iwer e Produkt oder e Service an egal wéi engem Land vun der Europäescher Unioun ze beschwéieren.
Hut Dir e schon gesin oder hut Dir dovun héieren ?

1 – Jo, gesin/dovun héieren
2 – Nee
3 – NSP

Gin mer elo iwer op d'Thema vum Sohutz vun Ären perséinlechen Dat'en.

Q30. Verschidde privat an öffentlech Organisatiounen hu perséinlech Informatiounen déi eis betreffen. Et gët heiansdo gesot dass eist Privatliewen korrekt misst geschützt gin. Sid Dir em de Schutz vun Ärem Privatliewen besuergt?
Sid Dir ..... **LIRE**

1 – ganz besuergt
2 – zimlech besuergt
3 – zimlech wéineg besuergt
4 – guer nët besuergt
5 – NSP

Q31. Ech liesen Iech elo eng Rei vu lëtzebuerger Organisatiounen duerch déi esou perséinlech Informatiounen kënnen hun. Sot mir w.e.g. fir jidfer Organisatioun ob Dir hinnen traut oder nët dass sie mat dësen Informatiounen op eng akzeptabel Art a Weis ëmgin?

LIRE	VERTRAUEN	KEE VERTRAUEN	NSP
1. Gesondheetsdéngschter an Dokteren	1	2	3
2. Versëcherungsgesellschaften	1	2	3
3. Gesellschaften vu Kreditkaarten	1	2	3
4. Banken an Finanzinstituter	1	2	3
5. Patronat	1	2	3
6. Police	1	2	3
7. Krankenversecherung	1	2	3
8. Steierverwaltung	1	2	3
9. Gemengeverwaltung	1	2	3
10. Déi national Autoritéiten	1	2	3
11. Kreditreferenzorganisatioun d.h. déi Organisatiounen déi d'Krediter vun Privatleit registréieren	1	2	3
12. Firmen déi iwer Post verkaafen (Versandhaus)	1	2	3
13. Asbl, Associatioun ouni Gewënnzweck	1	2	3
14. Maart-, a Meenungsfuerschungsbetrieber	1	2	3
15. Ech vertrauen kenger vun dësen Organisatiounen **SPONTAN**		2	

Q32. Kënnt Dir mir w.e.g. soen op Dir éischter averstanen oder éischter nët averstanen sid mat jidwerengen vun den folgenden Virschléi?

MONTRER CARTE

LIRE	Eischter averstan	Eischter nët averstan	NSP
1. Dir misst informéiert gin iwert d'Ziel mat deem d'Organisatiounen Är perséinlech Donné'en sammelen an op sie se mat aneren Organisatiounen deelen wärten	1	2	3
2. De Nivo vun der Protectioun vu perséinlechen Donné'en deen duerch d'Gesetz zu Lëtzebuerg garantéiert gët ass héich	1	2	3
3. D'Leit wëssen nët vill iwert d'Protectioun vun perséinlechen Donné'en zu Lëtzebuerg	1	2	3
4. Dir sid besuergt iwert de Fait perséinlech Informatiounen um Internet ze loossen wéi Ären Num, Är Adress, Ären Gebuertsdatum an Ärt Geschlecht	1	2	3
5. D'lëtzebuerger Legislatioun ass am Stand mat der steigender Zuel vu Leit déi perséinlech Informatiounen um Internet loossen, eens ze gin	1	2	3
6. Lëtzebuerger Organisatiounen déi perséinlech Informatiounen haalen, därfen nët autoriséiert sin dës Informatiounen ouni Ärt Averständnis weiderzegin, un ähnlech Organisatiounen déi sech a Länner befannen déi nët zu der europäescher Unioun gehéieren	1	2	3
7. E groussen Deel vun de Länner déi nët zu der europäescher Unioun gehéieren, hun Datenschutzgesetzer, déi nët esou effikass sin wéi déi déi an der europäescher Unioun ugewandt gin	1	2	3

Q33. a) Hut Dir schons virun deem heidegen Dag eppes héieren vun ....? **MONTRER CARTE**

b) **SI OUI, CODE 1 A L'ITEM 2 EN Q.33 a.**
Hut Dir dëst Recht nie ugewandt?

LIRE	Q 33. a.			Q 33. b.		
	Héieren	Nët héieren	NSP	Jo	Nee	NSP
1. onofhängegen Organismen déi d'Uwendung vun de Gesetzer iwert den Datenschutz iwerwaachen, déi Plainten vun Privatpersounen entgéinthuelen a Sanktiounen duerchsetzen géigeniwer deenen déi d'Gesetz briechen	1	2	3			
2. Gesetzer déi dem eenzelnen den Zougang zu sengen perséinlechen Donné'en garantéieren, wéi och d'Recht Donné'en déi nët exakt sin oder déi illegal ugeluecht goufen ze änneren oder ze annuléieren	1	2	3			
Q.33 b. **ENQ.: SI ENTENDU, CODE 1 A L'ITEM 2** Hut Dir dëst Recht nie ugewandt?				1	2	3
A TOUS 3. d'Verpflichtung vun denen déi perséinlech Donné'en sammelen, den Eenzelnen bestëmmten Informatiounen ze gin, ewéi hir Identitéit an d'Ziel wou dës Donné'en gesammelt gin	1	2	3			
4. d'Recht d'Benotzung vun Ären perséinlechen Donné'en fir den Direktmarketing ze verbidden	1	2	3			
5. d'Obligatioun Ären Accord ze kréien fir Är perséinlech Donné'en ze benotzen an d'Recht verschidden Utilisatiounen ze verbidden	1	2	3			

Q34. Vill perséinlech Donné'en gi gesammelt wann d'Leit um Internet sin. Hut Dir schons eppes vun Programmer oder Technologien héieren déi d'Quantitéit vun de gesammelten Informatiounen limitéiren? **ENQ. PAR EXEMPLE COOKIE FILTERS**
WA JO: Hut Dir dës Programmer oder Technologien schons benotzt?

1 – Nee, ech hun nach nie eppes dovunner héieren
2 – Jo, ech hun schon eppes dovunner héieren, mee ech hun se nach nie benotzt
3 – Jo, ech hun schon dovunner héieren an ech hun se schons benotzt
4 – NSP

SI «EN A ENTENDU PARLER MAIS NE LES A JAMAIS UTILISES», CODE 2 EN Q 34., LES AUTRES ALLER EN Q 36.

Q35.	Firwat hut Dir dës Programmer oder Technologien nach nët benotzt? **MONTRER CARTE – LIRE – PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES** 1 – Ech wees nët wéi een se um Computer installéiert 2 – Ech wees nët wéi een se benotzen muss 3 – Ech sin nët iwerzeecht dat se wirklech fonktionnéieren 4 – Ech sin nët wirklech besuergt wat méin Privatliewen ubelaangt wann ech op d'Internet gin 5 – Sie sin ze deier 6 – Aner **SPONTAN** 7 – NSP

A TOUS

Q 36. Denkt Dir dat am Kader vum Kampf géint den internationalen Terrorismus, deen Eenzelnen akzeptéieren misst dass ...?

a) hier Telefonskommunikatiounen iwerwaacht gin? **MONTRER CARTE – LIRE – UNE SEULE REPONSE**

b) hier Internetnotzung iwerwaacht gët? **MONTRER MEME CARTE – LIRE – UNE SEULE REPONSE**

LIRE	**Q 36 a.** Telefons-kommunikatiounen	**Q 36 b.** Internetnotzung
1. Nee, d'Grondrechter an déi individuell Fräiheeten mussen ëmmer respektéiert gin	1	1
2. Jo, wann d'Iwerwaachung just déi betrëfft déi verdächtegt gin terroristesch Aktivitéiten ze ënnerhuelen	2	2
3. Jo, mee just wann dës Iwerwaachung ënnert der Kontroll vun engem lëtzebuerger Riichter statt fënnt	3	3
4. Jo, an alle Fäll	4	4
5. Jo, aner **SPONTAN**	5	5
6. NSP	6	6

Komme mer zu engem aneren Thema : de Sport.

Q37. Wéi oft .... **MONTRER CARTE AVEC ECHELLE – LIRE – UNE SEULE REPONSE**

a) surft Dir um Internet?
b) kuckt Dir d'Televisioun?
c) spillt Dir Videospiller?
d) ënnerhuelt Dir kulturell Aktivitéiten, wat fir eng och ëmmer?
e) maacht Dir Sport oder trainéiert Dir?

LIRE	3 Mol d'Woch oder méi	1-2 Mol d'Woch	1-3 Mol de Mount	manner oft/ nie	NSP
a. um Internet surfen	1	2	3	4	5
b. Televisioun kucken	1	2	3	4	5
c. Videospiller spillen	1	2	3	4	5
d. un kulturell Aktivitéiten deelhuelen	1	2	3	4	5
e. Sport, trainéieren	1	2	3	4	5

SI CODE 1 à 3 EN Q 37 e., LES AUTRES ALLER EN Q 39.

Q38.	Wou maacht Dir de Sport deen Dir am Heefegsten maacht? **LIRE – PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES**	1 – An engem Fitnesszenter 2 – An engem Club 3 – An engem Sportszenter 4 – An der Schoul, op der Universitéit, asw. 5 – Aner Plaaz **SPONTAN** 6 – NSP

A TOUS

Q39.	Wat sin Ärer Meenung no, d'Haaptvirdeeler vum Sport? **MONTRER CARTE – LIRE –** **PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES**	1 – d'Gesondheet verbesseren (mental a physësch) 2 – sëch amuséieren 3 – sëch entspaanen 4 – mat Kollegen zesummen sin 5 – nei Bekanntschaften maachen 6 – Leit vun aneren Kulturen treffen 7 – séng physësch Kapazitéiten entwéckelen 8 – méi e grousst Selbstvertrauen hun 9 – nei Fähegkeeten entwéckelen 10 – séng Personalitéit opbauen 11 – d'Zieler erreechen 12 – de Kompetitiounsgeescht stimuléieren 13 – den défavoriséierten Leit hëllefen sech an d'Gesellschaft ze integréieren 14 – Aner **SPONTAN** 15 – NSP
Q40.	Wat sin Ärer Meenung no, déi Werter déi duerch de Sport am meeschten developpéiert gin? **MONTRER CARTE – LIRE –** **PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES**	1 – den Teamgeescht 2 – d'Toleranz 3 – de Respekt vun denen Aneren 4 – de Fair-Play 5 – d'Selbstkontroll 6 – de Respekt vu Reegelen 7 – d'Disziplin 8 – d'géigensäiteg Verständnis 9 – d'Solidaritéit 10 – d'Frëndschaft 11 – d'Gläichheet 12 – den Effort 13 – aner **SPONTAN** 14 – keng vun dësen **SPONTAN** 15 – NSP

Q41. Kënnt Dir mir soen op Dir éischter averstanen oder éischter nët averstanen sid, mat jidwerengen vun de folgenden Virschléi?

LIRE	Eischter averstan	Eischter nët averstan	NSP
1. de Sport favoriséiert den Dialog tëschend den verschiddenen Kulturen	1	2	3
2. et misst een dem Sport am Schoulprogramm méi Zäit zoumiéssen	1	2	3
3. et misst eng besser Kooperatioun gin tëschend dem Edukatiounssystem an den Sportorganisatiounen zu Lëtzebuerg	1	2	3
4. d'europäesch Unioun misst méi intervenéieren kënnen bei europäeschen Sportssaachen	1	2	3
5. d'europäesch Unioun misst méi aktif d'Erzéihung duerch de Sport ënnerstëtzen	1	2	3
6. d'europäesch Unioun misst um Kampf géint den Doping deelhuelen	1	2	3
7. de Sport erlaabt et géint all Form vun Diskriminatioun fir ze goen	1	2	3
8. d'europäesch Unioun misst méi mat den nationalen Sportsorganisatiounen an den Regierungen koopéréieren	1	2	3
9. et ass einfach duerch de Sport géint de Mangel u Bewegung fir ze goen	1	2	3
10. et ass einfach en Equiliber tëschend dem Sport an den aneren Fräizäitaktivitéiten ze fannen	1	2	3
11. d'Verbreedung vun ethëschen a sozialen Werter duerch de Sport misst eng Prioritéit fir d'europäesch Unioun sin	1	2	3

Q42.	Ech liesen Iech elo eng Lëscht mat negativen Saachen vir déi een vum Sport héiert. Kënnt Dir mir soen wat fir eng Iech am meeschten Suergen maachen? **MONTRER CARTE – LIRE – PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES**	1 – den Doping 2 – den iwerméissegen Konsum vun Nahrungsergänzungsmëttelen 3 – d'Korruptioun 4 – d'Ausbeutung vun de Kanner 5 – d'Ausbeutung vun de Leit déi aus Entwécklungslänner kommen 6 – den iwerméissegen Training 7 – de sexuellen Mëssbrauch vu Kanner 8 – d'Gewalt 9 – d'Diskriminatioun 10 – ze vill Wert op d'Geld geluecht 11 – aner **SPONTAN** 12 – keng vun dësen **SPONTAN** 13 – NSP

Mir schwätzen elo vun der Sëcherheetsuweisungen déi Dir op elektrëschen Haushaltsgeräter fannt.

Q43.	Kënnt et fir dass Dir elektrësch Haushaltsapparter kaaft?	1 – Jo 2 – Nee 3 – NSP

SI OUI, CODE 1 EN Q 43., LES AUTRES ALLER EN Q 62.

Q44. a) Wann Dir en elektrëscht Haushaltsgerät kaaft, kuckt Dir oder liest Dir dann ëmmer, heiansdo, selten oder nie déi folgend Informatiounen déi Dir mam Produit krit? **MONTRER CARTE AVEC ECHELLE**

SI CODE 1 à 3 EN Q 44 a. (INT. LIRE Q 44 a. 1 PLUIS Q 44 b. 1, ET AINSI DE SUITE

b) Berücksichtegt Dir dës Informatiounen wann Dir wëlles hut de Produit ze kaafen?

	Q 44 a.					Q 44 b.		
LIRE	Ëmmer	Heiansdo	Selten	Nie	NSP	Jo	Nee	NSP
1. d'Biller/den Text deen weisst wéi een en benotzt	1	2	3	4	5	1	2	3
2. den Text deen mir seet wat fir eng Virsiichtsmossnahmen geholl musse gin	1	2	3	4	5	1	2	3
3. d'Biller oder d'Symboler déi mer soen dass ech oppassen muss	1	2	3	4	5	1	2	3
4. d'Telefonsnummer vum Fabrikant, vum Distributeur oder vun hirem Representant zu Lëtzebuerg	1	2	3	4	5	1	2	3
5. den Text deen mir seet wat een am Fall vun engem Accident maachen muss	1	2	3	4	5	1	2	3

SI OUI, CODE 1 EN Q 43.

Q45.	Liest Dir am Allgemengen, d'Gebrauchsuweisung déi mam? Elektrëschen Haushaltsapparat matgeliwert gët? **LIRE – UNE SEULE REPONSE POSSIBLE**	1 – Jo, éier ech de Produit benotzen 2 – Jo, mee nëmmen am Fall vun engem Problem 3 – Nee, nie 4 – NSP

SI CODE 1 EN Q 45., LES AUTRES ALLER EN Q 47.

Q46. Fir jidwereen vun den folgenden Typen vun Informatiounen déi an der Gebrauchsuweisung matgeliwert kënne gin, sot mir op Dir se liest?

LIRE	JO	NEE	NSP
1. Wéi fonktionnéiert de Produit/wéi gët en normalerweis benotzt	1	2	3
2. Wéi gët en opgeriicht oder installéiert	1	2	3
3. D'Instruktiounen fir eng korrekt an ongefèierlech Benotzung	1	2	3
4. Wou muss en stoen	1	2	3
5. Den Entretien an d'Ersatzstécker	1	2	3
6. Den Dépannage / d'Reparatioun	1	2	3
7. Wat ee muss maachen am Fall vun engem Accident	1	2	3

SI OUI, CODE 1 EN Q 43., LES AUTRES ALLER EN Q 62.

Q47.	Haalt Dir ëmmer, heiansdo, selen oder nie d'Gebrauchsuweisung fir eng zukënfteg Notzung? **LIRE – UNE SEULE REPONSE POSSIBLE**	1 – Ëmmer 2 – Heiansdo 3 – Selen 4 – Nie 5 – Hängt dovun of **SPONTAN** 6 – NSP
Q48.	Wat ass Ärer Meenung no am Allgemengen déi effikassten Art a Weis fir d'Notzungsinstruktiounen beizefügen? **LIRE – UNE SEULE REPONSE POSSIBLE**	1 – op der Verpackung 2 – um Produit selwer 3 – an engem Handbuch 4 – Informatiounen vum Verkeefer / Verkeeferin 5 – Aner **SPONTAN** 6 – NSP

Q49. Fannt Dir d'Gebrauchsuweisungen am Allgemengen .... ?

. LIRE	JO	NEE	NSP
1. schwéier ze liesen	1	2	3
2. verständelch	1	2	3
3. vollstänneg	1	2	3
4. kuerz a präzis	1	2	3
5. op lëtzebuergesch geschriwen	1	2	3
6. ze technësch	1	2	3

Q50.	Respektéiert Dir ëmmer, heiansdo, selen oder nie d'Sëcherheetsuweisungen? **LIRE – UNE SEULE REPONSE**	1 – Ëmmer 2 – Heiansdo 3 – Selen 4 – Nie 5 – NSP
Q51.	Géift Dir et firzéien d'Sëcherheetsuweisungen .... ze kréien? **MONTRER CARTE - LIRE –** **UNE SEULE REPONSE POSSIBLE**	1 – nëmmen iwer Symboler oder Logo'en 2 – nëmmen iwer den Text 3 – iwert eng Kombinatioun vun Symboler/Logo'en oder Texter 4 – iwert de Verkeefer / Verkeeferin 5 – Hängt dovun of **SPONTAN** 6 – NSP
Q52.	Wann dës Sëcherheetsuweisungen iwer Symboler/Logo'en matgedeelt gin, fannt Dir dës am Allgemengen .... ? **LIRE – PLUSIEURS REPONSES POSSIBLES**	1 – op der Verpackung 2 – um Produit selwer 3 – an engem Handbuch 4 – Aner **SPONTAN** 5 – NSP

Q53.	Ween mëcht Ärer Meenung no, dës Symboler oder Logo'en op d'Produit'en? **MONTRER CARTE - LIRE –** **UNE SEULE REPONSE POSSIBLE**	1 – de Fabrikant 2 – den Distributeur (den Verdreiwer) 3 – eng Konsumentenorganisatioun 4 – Aner **SPONTAN** 5 – NSP

Q54. Wann dës Sëcherheetsuweisungen a Form vun Text matgedeelt gin, fannt Dir se dann am Allgemengen .... ?

LIRE	JO	NEE	NSP
1. schwéier ze liesen	1	2	3
2. verständlech	1	2	3
3. vollstänneg	1	2	3
4. kuerz a präzis	1	2	3
5. op lëtzebuergesch geschriwen	1	2	3
6. ze technësch	1	2	3

Q55. Kënnt Dir mir fir jidwereng vun de folgenden Virschléi am Bezuch zu den Sëcherheetsuweisungen soen ob Dir éischter averstanen oder éischter nët averstanen domadder sid?

LIRE	Eischter averstan	Eischter nët Averstan	NSP
1. d'Sëcherheetsuweisungen erklären präzis wat een maachen muss	1	2	3
2. se kënnen Accidenter virbeugen	1	2	3
3. se missten d'Risiken fir Kanner, eeler Leit oder handikapéiert Leit ugin wann sie de Produit benotzen	1	2	3
4. se missten méi präzis sin wat d'Konsequenzen ubelaangt am Fall wou dës Uweisungen nët respektéiert gin	1	2	3

Q56. Hut Dir déi folgend Sëcherheetsuweisungen schons eng Kéier gesin?

LIRE	JO	NEE	NSP
1. Fir de Risiko vun engem Feier oder engem elektrëschen Schlag ze reduzéieren, därf dësen Produit weder dem Réen nach der Fichtegkeet ausgesat gin	1	2	3
2. Nie d'Ventilatiounsöffnungen verstopfen déi eng Iwerhëtzung vermeiden sollen	1	2	3
3. Nie en Objet oder irgend eng Flëssegkeet an den Apparat aféieren	1	2	3
4. Versëchert Iech dat den Apparat an eng adequat Stroomquell ugeschloss ass	1	2	3
5. Et kann fir eng onkalifizéiert Persoun geféierlech sin eng Reparatur um Apparat duerchzeféieren	1	2	3

Q57.	Mengt Dir dass d'Sëcherheetssymboler Accidenter virbeugen kënnen?	1 – Jo 2 – Nee 3 – Hängt dovun of **SPONTAN** 4 – NSP
Q58.	Berücksichtegt Dir am Allgemengen dës Symboler beim Choix vun engem elektrëschen Haushaltsgerät?	1 – Jo 2 – Nee 3 – NSP
Q59.	Denkt Dir dass dës Symboler harmoniséiert misste gin, wéi d'Symboler op den Kleederetiquetten?	1 – Jo 2 – Nee 3 – NSP

Q60.	Hut Dir schon jidwereen vun den folgenden Symboler op den elektrëschen Haushaltsgeräter bei Iech doheem gesin? **MONTRER CARTE**			
	LIRE	JO	NEE	NSP
	1. SYMBOL 1	1	2	3
	2. SYMBOL 2	1	2	3
	3. SYMBOL 3	1	2	3
	4. SYMBOL 4	1	2	3
	5. SYMBOL 5	1	2	3
